

Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch et M. Jos Scheuer;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Presentatioun vum Ännerungsvorschlag vum Artikel 36 vun eiser Verfassung. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Häre Bodry an Henckes. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Paul-Henri Meyers.

9. Proposition de révision de l'article 36 de la Constitution - N° 4754

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn de 24. Januar vun dësem Joer eng Proposition de révision vum Artikel 36 vun der Verfassung deponéiert. D'Kommissioun vun den Institutionen a vun der Révision constitutionnelle huet déi Proposition de loi duerchdiskutéiert an eestëmmeg ugeholl.

Firwat wëlle mer den Artikel 36 vun der Verfassung änneren? Gëtt et eng Noutwendegkeet derzou? Dat ass déi éischt Fro, an déi zweet ass déi: Wéi wëlle mer en änneren?

Esou wéi den Text vum Artikel 36 et elo virgesäit, ass et de Grand-Duc, deen d'Ausféierungsbestëmmunge vun de Gesetzzer hält, ouni dass en awer d'Gesetzzer selwer däréif suspendéieren oder vun hirer Exekutioun dispenséieren. Et ass och eng Prérogative, déi dem Grand-Duc eleng zousteet. Et ass keng aner Instanz, déi normativ Akte kann huelen. D'Verfassung gesäit dat net vir. D'Verfassung gesäit och net vir, dass de Grand-Duc déi Pouvoiren engem aneren delegéiere kann. No eiser Rechtsopfaassung, well dat net an der Verfassung dra steet, si mer der Meenung, dass all d'Pouvoir vum der Verfassung d'attribution sinn an also net kënnen delegéiert ginn.

Elo ass et awer esou, dass no der Aart a Weis, wéi bei eis zënter laangem schonn déi ganz Matière gehandhaabt ginn ass, mer ganz vill Ausféierungsbestëmmungen hunn, déi net vum Grand-Duc geholl gi sinn, mä et sinn och Reglementer vu Ministere geholl an

normativ oder generell Bestëmmunge vu Verwaltungen erlooss ginn.

Esou laang wéi mer kee Verfassungsgericht haten, huet och keen déi do Aart a Weis, fir richteg virzegoen, kontrolléiert, well d'Gerichter selwer dat net gemaach hunn op Grond vum Prinzip vun der Séparation des pouvoirs. D'Situatioun huet sech awer mat der Aféierung vum Verfassungsgericht geännert. D'Verfassungsgericht huet an éischten Décisiounen sech ofgi mam Problem vun de Règlements ministériels an ass kloer an eendäiteg zur Konklusioun komm, dass et déi do Rechtsnormen net ka ginn, well se net an der Verfassung virgesi sinn.

En zweete Problem, dee sech zënter Jorzéngten zu Lëtzebuerg stellt, ass dee vun de Pouvoiren, déi d'Chamber regelméisseg delegéiert. Si gëtt dem Grand-Duc all Joer d'Méiglechkeet, fir an urgente Fäll duerch Règlement grand-ducal Mesuren ze huelen, déi souguer dérogiéieren zu bestehende Gesetzzer. Och dat huet an deene leschte Joren zu Problemer geféiert. De Conseil d'Etat huet déi Problematik opgeworf. Si ass hei an der Chamber vu verschiddene Riedner ëmmer erëm ugeprangert ginn. Och an deem Beräich ass et noutwendeg, dass mer eng kloer Situatioun schafen.

En drëtten Beräich vu Problemer ass deen am Zesummenhang mat deene Matière, déi vun der Constitutioun aus als Matière réservée à la loi virgesi sinn, wou also d'Verfassung seet, dass déi Matière, déi bei eis relativ important sinn, nëmmen duerch e Gesetz kënnen geregelt ginn. Do stellt also och d'Fro sech: Kann iwwerhaapt an deene Matière e Règlement grand-ducal geholl ginn oder net? An der Vergaangenheet huet de Conseil d'Etat ëmmer gemengt, wann et sech ëm technesch Ausféierungen oder ëm Detailler géif handeln, kéint och e Règlement grand-ducal dat do regelen. Kloer ass et awer net.

Fir déi Problemer enger verfassungsméissegger Léisung erbäizeféieren, huet d'Kommissioun en Text proposéiert, dass den Artikel vun der Verfassung, wéi mer en elo hunn, dat heescht, dee virgesäit, dass de Grand-Duc d'Ausféierungsbestëmmungen hält, bestoebleift. Mir sinn der Meenung, dass et ëmmer nach an de Pouvoir vum Grand-Duc soll sinn, fir Ausféierungsbestëmmungen ze huelen, well et och esou ass, dass Règlements grand-ducaux vun enger gewëssener Rechtssécherheet ëmgi sinn. D'Règlements grand-ducaux mussen normalerweis an de Regierungsrot goen. Si mussen duerno an de Statsrot goen, deen, ausser wann d'Urgenz invoquéiert gëtt, säin Avis dozou muss ofginn, esou dass een och ka sécher sinn, dass do eng Rei vun Instanzen déi Reglementer gepréift hunn, wat am Intérêt vum Administré ass. Mir brauchen och an deem do Beräich eng grouss Rechtssécherheet. Et kann een net einfach à tort et à travers reglementéieren. Dofir si mer och der Meenung, dass mer prinzipiell de Règlement grand-ducal am Artikel

36 bestoe solle loosenn. Allerdéngs, weinst deene Problemer, déi ech opgeworf hunn, huet d'Kommissioun dräi Neierunge proposéiert.

Éischtens emol gesäit se vir, dass duerch déi sougenannt Habilitatiounsgesetzer an urgente Fäll Reglementer, an zwar nëmme Règlements grand-ducaux, kënnen geholl ginn, déi kënnen dérogiéieren zu bestehende Gesetzer. Dat war bis elo de Fall, an dat ass och ëmmer an de Lois habilitantes esou festgesat gewiescht.

Wat nei ass, dat ass, dass mer virgesinn, dass, wann esou Dérogatiounen duerch e Règlement grand-ducal geholl ginn, déi Règlements grand-ducaux an engem Délai vu sechs Méint vun der Chamber mussen approvéeiert ginn, well se eng Ausnahm duerstellen zu engem Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet. Et ass also eng Ausnahm zu enger Rechtsnorm, déi iwwert dem Règlement grand-ducal steet, an d'Chamber soll an deem do Beräich net nëmme virgesinn, fir hiren Avis ze ginn, mä fir ze präifen, awéiwäit se mat deene Mesuren d'accord ass. Wann a sechs Méint déi Règlements grand-ducaux net approvéeiert ginn, si se automatesch abrogéiert. D'Chamber beweist domat, dass se hir Prérogativen eescht hält, dass se, och wa se der Regierung déi do Méiglechkeete gëtt, nodréiglech dat wëllt präifen.

Zousätzlech komme mer awer och, wa mer déi do Mesur virgesinn, aus der Rechtsunsécherheet eraus. Wann e Règlement grand-ducal geholl gëtt, dee contraire ass zu engem Gesetz, deen zu engem Gesetz dérogiert, stellt sech d'Fro vun der Nature juridique vun deem Règlement. Huet deen deeselwechte Charakter an déiselwecht Portée wéi e Gesetz, oder ass et e Règlement grand-ducal? Dat huet seng Wichtigkeet, well wann dee Règlement grand-ducal eng Kéier soll ofgeschaaft ginn, kann deen duerch en anere Règlement grand-ducal ofgeschaaft ginn oder muss do e Gesetz kommen?

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

An der Belsch ass de Problem esou geléist, dass an de Gesetzer virgesinn ass, dass, wann esou eng Mesure d'exécution geholl gëtt, déi nëmme méi duerch e Gesetz kann ofgeännert oder abrogéiert ginn, well dee Moment esou e Règlement grand-ducal och de Charakter vun enger Norm huet, déi dem Gesetz gläichgestallt ass. Wa mer op dee Wee ginn, solle mer och bei deem bleiwen, wat mir hei proposéieren, dat heescht dass d'Chamber selwer dee Moment déci-deiert, wat mat deene Reglementer geschitt.

Déi zweet Ännerung betrëfft Matièreen, déi vun der Verfassung hier dem Gesetz reservéiert sinn. Do kann ee sech d'Fro stellen: Awéiwäit kann dann an deenen do Matièreen iwwerhaupt de Grand-Duc e Règlement huelen? Muss do alles duerch Gesetz reglementéiert

ginn oder kënnen och Règlements d'exécution geholl ginn?

De Problem ass, dass an der Jurisprudenz zu dësem Zäitpunkt et net kloer entscheed ass. Allerdéngs, an der Vergaangenheet huet och do de Conseil d'Etat, wéi ech virdru gesot hunn, ëmmer gesot: Dach, do kënnen Reglementer geholl ginn, awer net wat essentiell Froen ugeet, mä nëmme wat Detailfroen ugeet. D'Fro ass awer: Wat ass essentiell a wat ass eng Detailfro an deene Matièreen? Dofir soe mir elo hei, dass, wann esou e Gesetz iwwer esou eng Matière kennt, dat Gesetz an deene Fäll, wou d'Chamber et fir noutwendeg fënnt, prezis déterminéiere kann, weini dass och do kënnen Reglementer geholl ginn. An den Ae vun der Kommissioun missten dat awer Règlements grand-ducaux sinn.

Den drëtten Beräich ass dee vun de Règlements ministériels. Mir hunn hei virgesinn, dass d'Gesetz och Ministere kann autoriséieren, fir Reglementer an Arrêteen ze huelen, an der Form an deene Matièreen an no de Modalitéiten, déi d'Gesetz selwer soll déterminéieren. Dat kann en allgemengt Gesetz sinn, dat kann awer och en eenzelt Gesetz sinn, wou d'Chamber der Meenung ass, dass déi Matière duerch e Règlement ministériel kéint geregelt ginn. Ech huelen zum Beispill e Schoulgesetz, wou een d'Programmer duerch Règlement ministériel dee Moment kéint regele loosenn. Et hängkt vun der Chamber of, ob et e Règlement grand-ducal oder e Règlement ministériel soll sinn.

D'Regierung selwer war der Meenung, dass een op en anere Wee soll goen, dass ee soll virgesinn, dass de Grand-Duc seng Pouvoir kéint delegéieren un e Minister, dass op Grond vun der Delegatioun de Minister e Règlement ministériel kéint huelen. D'Kommissioun ass net mat op dee Wee gaangen. Éischtens well mer nach wie vor der Meenung sinn, dass mer an der Verfassung kloer sollen déterminéieren, wie Reglementer ze huelen huet. Hei gi mer de Ministeren déi Pouvoiren. Dee Moment brauche mer keng Delegatioun vum Grand-Duc.

Eng zweet Appréhensioun vun der Kommissioun war déi, dass, wa mer op de Wee vun der Delegatioun ginn, dat dozou kéint féieren, dass dat eng Délégation générale kéint sinn, dat heescht dass mer herno nëmme méi Règlements ministériels hätten. Or, da si mer awer der Meenung, wa mer op dee Wee géife goen, dass een dann awer d'Rechtssécherheet vun deene Reglementer net zur Genüge garantéiere kéint, an da misst een och virgesinn, dass déi Règlements ministériels un de Statsrot géife goen, dass och dee misst zu deene Reglementer seng Meenung kënnen soen.

E weidere Punkt ass deen, dass nach wie vor mer der Meenung sinn, dass d'Pouvoiren an der Verfassung kloer déterminéiert solle sinn, dass ee soll soen, wien

Ausféierungsbestëmmunge vu Gesetzzer kann huelen. Hei hu mer dat kloer déterminéiert.

Dat sinn déi essentiell Ännerungen, déi mer proposéieren. Ech wollt dat relativ kuerz maachen, well mer jo - an ech hoffen dat - a kierzester Zäit...

(Interruption)

Här Fayot, et ass eng Matière, déi verlaangt, dass mat enger gewëssener Céléritéit...

(Interruption)

Et ass eng wichteg Matière, Här Rippinger, an et soll ee se net verkennen. Mir mengen och, dass een dat relativ séier soll ugoen. Mir hunn och net méi spéit wéi haut, duerch den Dépôt vun engem Projet de loi vun der Ministesch vun der Education nationale, gesinn, dass mer eng Rei Problemer hu mat Mesures d'exécution. D'Regierung huet dat jo bewisen, well se an engem Arrêt kierzlech Onrecht kritt huet am Beräich vum Enseignement secondaire, wat dozou féiert, dass elo e Gesetz muss gemaach ginn. Dofir soll een déi Matière hei ugoen. Et soll een dat änneren. Doduerch moderniséiere mer och eis Verfassung, a mir ginn eis och déi Méiglechkeeten, déi an engem normale Rechtsstat mat alle rechtliche Sécherheeten noutwendeg sinn.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Orateur ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir brauche bei dëser Presentatioun vun der Proposition de révision net erëm eng Kéier all déi Debatte frësch ze féieren, déi mir an der zoustänneger Kommissioun vun der Chamber mat deem néidege Seriö iwver eng Rei vu Sitzunge gefouert hunn. Mir komme jo nach sécherlech op déi definitiv Diskussioun hei an der Chamber zréck, wann den Avis vum Conseil d'Etat virläit.

Ech wollt just zwou Bemierkunge maachen. Fir d'éischt mol meng Félicitatiounen un de President, deem och als Rapporteur bei deem hei Artikel eng gutt Synthèse gemaach huet vun deenen Diskussiounen, déi mer op deem do Punkt gefouert hunn. Hien huet et och fäerdeg bruecht, e Konsens iwver all d'Parteigrenzen ewech op dësem dach esou sensibele Punkt ze erreechen.

Et ass fir d'éischt - an dat schéngt mer bemierkenswäert ze sinn -, dass d'Chamber muss op eng Jurisprudenz vun eisem net méi grad esou neie Verfassungsgericht reagieren. Et ass evidentersweis esou, dass d'Aféierung vun enger Verfassungskontroll net neutral bleift fir de Funktionement vun den Institutionen. An deem hei Fall gëtt u sech e Verfassungsuerdeel zwar entre-temps plus ou moins respektéiert, mä zitt awer

als Reaktioun no sech, dass d'Verfassung an där Dispositioun geännert gëtt, op Grond vun där d'Verfassungsgericht hir Décisioun geholl huet. Do stellt sech d'Fro, wéi schnell an iwver wat fir eng Prozedur ee muss kënne reagieren, wa Modificatiounen vum Verfassungstext sech als noutwendeg erweisen. Mä do komme mir an engem Artikel drop zréck.

Et ass also eng éischt Reaktioun vun der Chamber op eng Jurisprudenz vum Verfassungsgericht. Do sinn d'Regierung an d'Chamber der Meenung, dass déi Interpretatioun, déi d'Verfassungsgericht vum Artikel 36 gemaach huet, vläicht net onbedéngt déi richteg ass. Well een awer seng eegen Interpretatioun engem Verfassungsgericht net kann operleeën, mengen ech, muss dann eben de Verfassungstext geännert ginn.

Den Artikel 36 ass vläicht eng vun deene sensibelste Matièreen iwverhaupt an der Verfassung, well en an der Schnëttstell läit vun der Kompetenz vum Exécutif a vum Législatif. Dat ass an anere Länner, wann een dat franséisch Beispill kuckt, eng grouss Diskussioun gewiescht bei der Verfassung vun der 5. Republik, wat den Domaine vum Gesetz a wat den Domaine vum Règlement ass. Ech muss soen, dass mer relativ onverkrampft hei zu Lëtzebuerg un déi Diskussioun do eruginn, an ech mengen, dass och ganz gutt esou.

Wat ass den Domaine vum Législatif, wou den Exécutif net däerf draschwätzen? Wat ass och am Beräich vum Exécutif deen Domaine, wou d'Regierung als Ganz, de Grand-Duc, d'Réglementer, also d'Ausféierungsbestëmmungen, hält, a wou kann e Minister eleng eng Ausféierungsbestëmmung vun engem Gesetz huelen? Op all déi Froen hu mir probéiert, an engem eenheetlechen Text eng uerdentlech Äntwert ze ginn.

Et muss ee feststellen, dass mat där hei Proposition de révision de fréieren Handlungsspillraum vun der Regierung praktesch erëmkënnt, wéi e bestanen huet, mat Ofstrécher a Bällagen an eenzelnen Domainen. Grosso modo kënnt awer dee fréieren Handlungsspillraum vun der Regierung erëm, ier d'Jurisprudenz vun eiser Cour constitutionnelle komm ass.

De Règlement ministériel, deem eigentlech net méi däerf bestoen zënter der Décisioun vun eisem Verfassungsgericht, gëtt erëm eng Kéier agefouert, mä interessanterweis - an dat soll een eng Kéier ervirhiewen - kann de Règlement ministériel net seng Legitimation aus engem Règlement grand-ducal huelen, mä e kann d'Legitimation nëmmen aus enger spezieller Dispositioun aus dem Gesetz huelen. De Législateur muss also domat d'accord sinn, dass an Ausnahmefäll, haaptsächlech an technesche Matièreen, d'Ausféierungsbestëmmungen vun engem Gesetz net vun engem Règlement grand-ducal geholl ginn, mä vun engem Règlement ministériel.

Beim selwechten Hoff hu mir et och fäerdeg bruecht, fir eis Iddi méi kloer ze maachen, wat déi sougenannt

Loi de plein pouvoir ugeet. Dat ass d'Vollmachtegesetz, dat jo d'lescht Joer am Dezember nach fir ee Joer vun der Majoritéit vun der Chamber gestëmmt ginn ass. Et muss ee sech bewusst sinn - an ech mengen, mir sinn eis dat alleguer -, datt, wann een deen Text hei esou duerchgeet, mir eist Gesetz vum Dezember 2000 dann erëm müssen ëmänneren, fir et a Concorde mat eisem neien Artikel 36 ze setzen, deen elo virgesäit, datt et net duergeet, datt d'Vollmachtegesetz gestëmmt gëtt, mä, wann e Reglement vun der Regierung op Grond vun deem Vollmachtegesetz geholl gëtt, da muss bannent engem Délai vu sechs Méint d'Chamber dat Reglement iwwer e Gesetz guttheeschen. Wann net, da gëtt et hifälleg.

Déi allerlescht Bemierkung, déi ech wëll maachen, ass déi, datt et wichteg ass feststellen, datt bei all deem - och wann een den Androck huet, datt den Exécutif, d'Regierung an d'Ministeren, relativ vill Pouvoir kréie bei der Ausféierung vun de Gesetzer - et awer bal ëmmer esou ass, datt de Législateur de Kader setzt. Wann de Législateur net wëll, da kann eigentlech u sech d'Regierung och net déi Ausféierungsbestëmmungen huelen, dee Fräiraum, dee se sech vläicht selwer wëll zouerkennen.

Et ass also eng Fro, géif ech soen, vun Autoritéit a vun Autonomie vun der Chamber par rapport zu der Regierung, déi hei spillt. Wann d'Chamber sech hire Prérogative bewusst ass, dann, mengen ech, misst et och fäerdeg bruecht ginn, datt do den eigentleche Spillraum, wou d'Regierung kann Ausféierungsbestëmmungen huelen, net ze wäit gestach gëtt.

Et ass an deem Sënn, wou mir als sozialistesche Fraktioun der Meenung sinn, datt dat hei eng gutt Proposition ass, a mir freeën eis schonn op déi Diskussioun, déi mir wäerte kréien, wann den Avis vum Statsrot op deem hei Punkt virläit.

Merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Ripperger.

M. Jean-Paul Ripperger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mengem Virriedner soen, datt ech net weess, ob mer eis elo scho sollen op dat freeën, wat de Statsrot eis als Avis zu deem Projet gëtt. Op alle Fall wäerte mir bestëmmt nach eng Diskussioun kréien, wann deen Avis vum Conseil d'Etat do ass.

Ech kéint am Fong geholl hei nëmmen nach dat répétéieren, wat meng Virriedner scho gesot hunn. Dat, wat wichteg ass hei ze soen, ass fir d'alleréischte mol e grouse Merci un de Président-Rapporteur, well hien et fäerdeg bruecht huet, déi verschidde Meenungen ze kanaliséieren, op een Text anzeschwieren an doduerch en allgemenge Konsens ze fannen. Dat huet sech jo elo rëmgespigelt an deem Text, dee mir hei virleien hunn, deen och den Assentiment vun der Fraktioun

vun der Demokratescher Partei fënnt. Et ass jo net ëmmer esou.

Mir sinn hei an enger ganz sensibeler Matière, a mir si jo guidéiert gi vun zwee ganz wichtige Punkten. Dat ass engersäits, fir e modernen Text ze maachen, deen de Gegebenheeten an der aktueller Situatioun, esou wéi se besteet, Rechnung dréit, an anersäits awer och, fir d'Jurisprudenz vun eiser Cour constitutionnelle ze suivéieren.

Mir wëssen, datt de Grand-Duc eleng déi Prérogative huet, fir normativ Akten ze huelen. Mir beschneiden hei och de Grand-Duc net a senger Rechter. Bis elo war keng Delegatioun méiglech, mä et ass eben déi Net-Trennung tëschent deem, wat d'Prérogative vum Grand-Duc sinn, an deem, wat d'Ministeren an Zukunft och kënnen maachen. De Rapporteur huet vun deenen dräi Neierunge geschwat. Ech wëll elo net méi op déi eenzel Punkten agoen, well ech soss nëmme géif Saache répétéieren, déi scho gesot gi sinn.

Dat, wat wichteg ass, ass, datt den Artikel 36 esou disposéiert ass, datt de Grand-Duc als Chef de l'Etat de Pouvoir exécutif kann ausfüllen an d'Moyene kritt, fir d'Gesetzer ze exekutéieren. Déi Reglementer, déi hien hält, müssen natierlech gewëssen Norme gerecht ginn, wéi zum Beispill dem Avis obligatoire vum Statsrot, ausser am Fall vun der Urgence, déi da vum Grand-Duc selwer kann applizéiert ginn. De Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ass generell a gëtt just duerch d'Verfassung an d'Gesetzer limitéiert. D'Reglement huet also als Basis d'Gesetz.

Endlech gëtt och d'Ausübung vun den Habilitationsgesetzer geregelt. Déi kënnen am Fall vun der Urgence geholl ginn. Et brauch also kee méi hei d'Démissioun vun der Regierung um Enn vum Joer ze froen. Am Fall, wou e Reglement am Kader vum Habilitationsgesetz e bestehend Gesetz dérogeiert, muss dëst Reglement innerhalb vu sechs Méint vum Pouvoir législatif approuvéiert ginn.

De Grand-Duc huet d'Méiglechkeet, fir Reglementer an Arrêteen ze huelen, fir Gesetzer ze exekutéieren, och an deene Matière, déi der Verfassung nom Pouvoir législatif reservéiert sinn, wéi beispillsweis d'Festleeung vun den Infractiounen an de Strofen.

Den Artikel 36 gesäit och vir, datt de Grand-Duc awer nëmmen da kann e Gesetz, wat dem Pouvoir législatif reservéiert ass, duerch e Reglement ausféieren, wann d'Gesetz dat och expressément virgesäit. D'Ministeren, an nëmmen d'Ministeren, kënnen autoriséiert ginn, fir Reglementer an Arrêteen an där Form, an deene Matière a mat deene Modalitéiten ze huelen, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit. Et ass selbstverständlech, datt och e Règlement ministériel muss déi Garantien a Limité respektéieren, déi d'Gesetz virschreift, wéi zum Beispill en Avis vum Conseil d'Etat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass elo deen éischten Artikel, dee mir an dëser Legislatur oder an dëser Assemblée constituante zur Revisioun virleien hunn. Et wäerten der nach eng ganz Rei nokommen. Wat och wichtig ass, wat ee soll ervirhiewen, ass, datt d'Kommissioun sech e Programm virgeholl huet, wéi se elo an Zukunft a puncto Revisioun vun der Constitutioun virgeet. Mir hu ganz vill Aarbecht. Ech mengen, dat kann een hei soen, a jidderee soll dat wëssen.

Den Artikel 36 ass deen éischten, an et wäerten der nach vill nokommen. Et sinn och nach ganz wichtig Artikelen vun eiser Constitutioun, déi op de legislative Leescht kommen. Et ass de Wonsch vun eis alleguer, datt mer, wann dës Legislatur eriwwe ass, eng de moderne Gegebenheeten ugepasste Constitutioun hunn, wou mir dann duerno net méi brauchen drop zréck ze kommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächste Orateur ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Félicitatiounen ginn am Numm vum Groupe ADR och un de Président-Rapporteur, dee sech fir dësen Text ganz vill Méi gemaach huet, an ech wëll him och merci soe fir déi gutt Aart a Weis, wéi hien d'Kommissioun presidéiert.

Et sinn zwou wichtig Neierungen, déi hei am Text zréckbehale ginn, déi alleguer awer ee gemeinsame Prinzip zréckbehalen. Dat ass deen, datt d'Chamber als souveränt Organ zréckbehale gëtt, souwuel beim Vollmachtesgesetz wéi bei den Ausféierungsbestëmmungen vun de Gesetzzer, sief et iwwer Règlement grand-ducal oder iwwer Règlement ministériel.

Datt mir eis als Chamber dat Recht nees zréckhuelen, fir iwwer Règlements ministériels kënnen ze befannen, schéngt eis ganz wichtig ze sinn. Mir hu gesinn, datt d'Verfassungsgericht dat mat Recht beanstand hat, déi Praxis, déi haaptsächlech am Ministère de l'Éducation nationale bestanen huet, fir ganz vill Saachen iwwer ministeriell Reglementer ze reglementéieren a souguer a ganz ville Fäll ze wäit ze goen. Dofir ass et wichtig, datt mir elo nees dee Kader festhalen, an deem d'Ministere kënnen hire Pouvoir exercéieren.

Et ass och ganz kloer, datt d'Statssekretäre vun dësem Pouvoir ausgeschloss sinn. Ech mengen, dat hu mir och am Rapport festgehalten. De Pouvoir, fir e Règlement ministériel ze huelen, ass limitéiert op de Minister, an et ass net fir de Statssekretär.

Wat d'Vollmachtesgesetz ugeet, esou ass et wichtig, datt mer zréckbehalen hunn, datt d'Regierung zwar e Règlement grand-ducal d'urgence an deem Kader huele kann, deen d'Gesetz hinnen erlaabt, dee ganz vaste ass, mä datt deen Abléck d'Chamber awer d'Méiglechkeet huet, fir an engem Laps de temps vu

sechs Méint dat Règlement iwwer e Gesetz ze festegen. Wann dat net geschitt, dann ass dat Règlement d'office an automatiquement abrogéiert.

Wat och wichtig schéngt, ass, datt an deene Règlements grand-ducaux a ministériels, déi geholl ginn, do de Gesetzgeber an hei d'Constitutioun festhält: „(...) qui peut prendre les règlements et arrêtés dans les cas limitativement fixés par les lois et que les règlements et arrêtés doivent être pris dans la forme, dans les matières et selon les modalités que détermine la loi.“ Ech mengen, et ass wichtig, datt mer als Législateur de Spillraum festleeën, an deem de Minister, respektiv d'Regierung e Règlement kann huelen.

Et kann also net esou sinn, datt e Règlement op eng Kéier Matière regléiert, fir déi et keng Autorisatioun duerch e Gesetz huet. Dee Prinzip ass elo a ville Reglementer, schéngt et mer, leider net respektéiert ginn. Et ass dofir wichtig, datt mir et hei nach eng Kéier ganz kloer soen, affirméieren, datt mir natierlech och an Zukunft dorop mussen oppassen a kontrolléieren, wat d'Regierung mécht.

D'Regierung hirersäits muss sech och bewosst sinn, datt se hir Reglementer nuren an deem Kader kann huelen, wéi se duerch d'Gesetz autoriséiert sinn. Mir hunn e puer Beispiller, wou Interpretatiounen méiglech sinn. Dofir wäert et um Législateur sinn, fir seng Gesetzzer esou prezis wéi méiglech ze formuléieren.

Dat gesot, hoffen ech, datt de Conseil d'Etat zu deene Propositionen konkret Virschléi wäert maachen an och den Text en tant que tel wäert approuvéieren, well ech mengen, dass mer hei e Fortschrëtt maachen a Richtung Demokratie a méi Rechter fir d'Chamber.

M. le Président.- De leschten Orateur ass den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech wëll direkt virausschécken, dass ech kee Jurist sinn an dofir och net direkt esou an där Matière dra sinn, wéi verschidderer hei vu sech gesot an och bewisen hunn, mä ech hunn awer Bedenke par rapport zu där ganzer Virgoensweis a reservéieren dofir och meng Haltung.

Et ass nämlech gesot gi vum Verfassungsgericht, dass déi ministeriell Reglementer net konform sinn zu eise Bestëmmungen. Dat ass als Ulass geholl ginn, fir elo de gesamten Artikel 36 vun eiser Verfassung, dee ganz einfach war an nëmmen aus engem Saz bestanen huet, ofzeänneren a verschidderer Hinsicht a gläichzäiteg verschidderen aner Saachen mat eranzebréngen, wéi zum Beispill d'Habilitatiounsgesetz, dat all Joer hei vun der Regierung virgeluegt gëtt. Dat kënnt elo mat an den Text vun der Verfassung, esou dass am Fong geholl keen Habilitatiounsgesetz méi brauch gestëmmt ze ginn. D'Regierung brauch net méi virun d'Chamber ze kommen, fir sech déi Méiglechkeet ginn ze loosse. Dat läit elo an der Constitutioun. Si kann dat also direkt maachen.

Dat, wat an deem eenzege Saz, deen den Artikel 36 betraff huet, stoung, wat menger Meenung no gutt a richtig war, gëtt elo ewechgeholl, wéi zum Beispill: „Le Grand-Duc fait les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois sans pouvoir jamais ni suspendre les lois elles-mêmes, ni dispenser de leur exécution“, währenddeem elo awer d'Méiglechkeet gi gëtt, aus der Verfassung eraus esouguer géint bestehend Gesetzer ze reglementéieren a verschidde Gesetzer ausser Kraaft ze setzen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Par rapport zu deem Virgoen hunn ech e bësse meng Bedenken, och wann herno no sechs Méint d'Chamber muss hiren Accord zu esou Manipulatione ginn.

M. le Président.- Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss, a mir kommen elo zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung. Dat ass d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4745 vum Här Aly Jaerling iwwert d'Prétraite.

Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Meyers a Bettendorf.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Aly Jaerling.

10. Proposition de loi 4745 de M. Aly Jaerling portant modification de la loi du 24 décembre 1990 sur la prétraite

Présentation

M. Aly Jaerling (ADR), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dës Proposition de loi deponéieren, esou ass dat fir d'Kierch erëm an d'Duerf ze bréngen, wat d'Trennung tëschent der Sozialpolitik an der Beschäftigungspolitik ubelaangt.

D'Prétraite gesi mir als ADR als eng Measure en faveur de l'emploi un a muss deemno och iwwert de Wee vu beschäftigungspolitesche Mesurë finanzéiert ginn, wéi zum Beispill iwwert d'Solidaritéitssteuer oder soss fiskal Mesuren.

Den Artikel 28bis vum Gesetz vum 24. Dezember 1990 iwwert d'Prétraite gesäit vir, dass d'Prétraite zum Deel iwwert de Fonds pour l'Emploi an erstaunlicherweise zum Deel och iwwert d'Pensionsversicherung finanzéiert gëtt. D'Pensionskeesen iwwerweisen deen Deel, deen e Prétraitebezieher als Prépension zegutt hätt, un de Fonds pour l'Emploi. Iwwert dee Wee si säit 1993 iwwer 6,8 Milliarde Frang vun de Pensionskeesen un de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen ginn. Bal 7 Milliarde sinn also innerhalb vu siwe Joer aus de Pensionskeesen zweckentfremt ginn, fir beschäftigungspolitesch Mesuren ze finanzéieren.

Uganks den 80er Joren ass am Zesammenhank mat engem Pak aneren Austeritéitsmoosnamen d'Solidaritéitssteuer agefouert ginn, fir beschäftigungspolitesch Mesurë wéi zum Beispill de Chômage ze finanzéieren. Dës Moosname si jorzéngtelaang als ausräichend ugesi ginn, fir de Chômage ze finanzéieren an och eng Rei aner beschäftigungspolitesch Mesurë matzedroen.

D'Prétraite ass a bleift fir eis als ADR eng beschäftigungspolitesch Measure, an et kann ee se souguer als eng Aart camoufléierte Chômage betruechten. Deemno muss de Finanzement vun dëser Initiativ vum Fonds pour l'Emploi eleng gedroe ginn an net, wéi dat elo ass, zum gréissten Deel vun de Pensionsversicherungen.

Wat 1990 an och 1993 beim Aféiere vum Gesetz iwwer verschidde beschäftigungspolitesch Mesurë vläicht seng Berechtigung hat, ass eiser Usicht no haut net méi vertriebar. Mir hunn haut nach ëmmer d'Solidaritéitssteuer, a mir hunn do derniewent all Joer tëschent 10 an 20 Milliarde Budgetiwwerschëss, wouvunner deemno all Joer eng Milliarde aus de Pensionsversicherungskeese kommen, fir d'Prétraite ze finanzéieren, zumools och nach aus de Pensionskeese méi un de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen gëtt wéi effektiv als Prétraite geschëlt an ausbezelt ginn ass un d'Prétraitebezieher.

Doduerch dass den Assuré eng Zäit laang net iwwer seng Rechter informéiert gouf, wat de Wiessel vun der Prétraite an d'Prépension ubelaangt, sinn him vill Sue verluer gaangen, déi onberechtgerweis am Fonds pour l'Emploi verbliewen an net an d'Pensionskeesen zrëckgefloss sinn.

Kloer muss ee fir allemol gemaach ginn, dass d'Pensionskeesen net do sinn, fir beschäftigungspolitesch Mesuren ze finanzéieren. Bal 7 Milliarde si bis elo aus de Pensionskeesen an de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen ginn. Als ADR si mir der Meenung, dass dat méi wéi genuch ass an et elo vläicht ubruecht wier, fir dës Suen de Pensionskeesen erëm zrëckzeféieren. Da géif zumindest d'Regierung emol eppes Sënnvolles mat engem Deel vun de Budgetiwwerschëss maachen. Da kéint mat där enger Milliarde pro Joer zum Beispill e gudden Deel vun de strukturelle Rentenopbesserungen am Privatsektor finanzéiert ginn, déi mir als ADR scho säit Jore verlaangen.

Här President, déi Proposition de loi, déi ech hei d'Éier hunn, am Numm vum ADR virstellen, besteet nëmmen aus zwee Artikelen.

Art. 1.- Den Artikel 23bis vum modifiéierte Gesetz vum 24. Dezember 1990 iwwert d'Prétraite soll suppriméiert ginn.

Art. 2.- Dat mat Effet op den 1. Januar 2002, fir der Regierung déi néideg Zäit ze ginn, de Finanzement vun der Prétraite iwwert de Wee vun deenen adequate